woxx magazine
791/05



*Mam Kapp widdert d'Scheif: de Moogy Meyer an de René Lauer alias Plakeg oder Ugedoen.*

*(Foto: Christian Mosar)*

**MUSEK?**

# Da-da-da

**An enger Lëtzebuerger Musekslandschaft, déi sech ëmmer méi verrennt, tëscht Emo Screamo, Retro an Ego bekenne sech déi zwee Avantgardiste vu Plakeg oder Ugedoen couragéiert zum Dada.**

"Du hues vergiess ze froen, wee vun eis de Plakegen ass a ween den Ugedoenen", seet de René Lauer, eng Halschent vum Duo Plakeg oder Ugedoen um Enn vum Interview. Dat wéilten d'JournalistInnen nämlech ëmmer als éischt wëssen. "A mat der Zäit fällt eis guer keng domm Äntwert méi dorop an." Op hierem Internetsite www.plakeg.org proposéieren de René Lauer an de Moogy Meyer verschidden Interpretatioune vum Wuert - den déiwe Kär vun deem Konzept hunn se sech allerdéngs net getraut eraus ze schaffen. "Dat kënnen déi gescheit Journaliste maachen", seet de Moogy.

Da lass: Op "Abrëllsdreck", der éischter CD vu Plakeg oder Ugedoen, ginn et a Wierklechkeet zwou Zorte vu Lidder. Déi "ugedinn", dat heescht, déi, déi de René och ka sengem klenge Jong owes virsange fir schlofen ze goen: "De Päiperléck", an deem et ëm e klenge Päiperléck geet, oder "De grousse Wal", an deem e grousse Wal am Mëttelpunkt steet an de "Bréiftréiesch Tun", wou d'Geschicht vum Tun, engem Bréiftréier, erzielt gëtt.

An da ginn et déi méi plakeg Stécker, déi een u sech schonn net méi zweedäiteg kann nennen. "Mir nennen alles beim Numm", seet de René, an doranner läit och dee groussen Ennerscheed tescht Plakeg oder Ugedoen an anere Spaasskanoune wéi dem Fausti zum Beispill. Si hunn et net néideg, sech hannert engem Feigeblat oder bëllege Mokka-Moss-am-Bic-Metapheren ze verstoppen. D'Lidd "Dacksescházss" handelt dofir och tatsächlech vun deem wat den Titel schonn undeit. An all Stéck maachen doriwwer eraus déi entspriechend Sound-Effekter och deem kloer, ëm wat et geet, deen dat Lëtzebuergescht nach net ganz beherrscht. "A mir sinn net just an der Fuesend domm", seet de René. Aus där grenzeloser Witzegkeet entsprangen da Pärelen wéi d'"Eeërhaus", ouni Zweiwel dat populärst Lidd vun deenen zwee - an och dat, bei deem souguer dem Andy Bausch seng Chômeure géinge rout ginn.

### Ausgedinn ...

"Ech si frou, dass du de Päiperléck gutt fënns", freet sech de René, "um Concert froen d'Leit nämlech ëmmer nëmmen nom Eeërhaus". Dat ass fir den haaptberufflechen Agent de la coopération beim Ausseministär duebel batter, well hee virun allem den Auteur vun deene méi ëmweltbewossten Texter ass. De Moogy, deen am Moment zu Sheffield u senger Dokteraarbecht schréift, ass dogéint zoustäneg fir d'Sauereien. Um Radio LRB goufen se senger Zäit souguer zenséiert, an do konnt een d'"Eeërhaus" nëmmen no néng Auer owes héieren. An der Regel schreiwen de Moogy an de René net zesummen. Mee wann, da kënnt eppes dobäi eraus wéi den Titel "Sexy Mähdrescher", an deem et dem René u sech sollt ëm eng landwirtschaftlech Maschinn goen - bis de Moogy sech agemëscht huet. A lo heescht et: "Mähdrescher spruddel mech naass, lee mech douce mam Réck an d'Gras." D'Texter sinn awer ëmmer esou léif-naiv, dass ee guer net op d'Iddi kéim, fir deenen zwee de Virworf vun der Vulgaritéit ze maachen.

Am Ufank wollten se eng Kanner-CD ophuelen, mat Lidder, déi si och bäi den Treffe vum Panda Club kinnte spillen, wou si heiansdo invitéiert sinn. Fir dee Projet ze réaliséieren, deen se zéng Joer laang mat sech ronderem gedroen haten, hunn se sech Hellëf gefrot beim Serge Tonnar, schonn zënter laangem e Fan vum Duo. Dee war vun dem Konzept net begeeschtert. "Plakeg oder ugedoen, dat sinn och déi méi ruppeg Saachen, sot de Serge", erklärt de Moogy. Dofir ass "Abrëllsdreck" um Enn eng Zort Best-of ginn, mat Lidder, déi de René an de Moogy scho bei hierem éischten Optrëtt 1993 am Gepäck haten.

Bei engem Nowues-Concours sollte si deemols am Fong als 4-Mann-Rockbänd optrieden, mee zwee dovun hu si kuerz virdrunn am Stach gelooss, an dofir sinn de René an de Moogy alleng op d'Bühn geklomm. Well et mam musikalesche Kënnen net ganz wäit hier war - an nach ëmmer net ass - hu si abstrakt Texter op Lëtzebuergesch mat e puer Basis-Akkorder kombinéiert an dat Ganzt mat Kabaretseinlagen opgelackert. Kuerz drop goufen se vun der nationaler Press schonn an de siwenten Himmel gehuewen, hiert "Wuermlidd" war dräi Woche laang Nummer 1 an der Luxparade. Aus der grousser Carrière ass awer virleefeg näischt ginn, well déi zwee op d'Uni gaange sinn an sech dofir nëmmen nach sporadesch gesinn hunn. "Mir hunn eis vill Bréiwer geschriwwen", seet de René.

Mat de Lidder vun deemols identifizéiere si sech och nach haut. "Deemols ware mer an der Pubertéit a mir hunn eis einfach keng Gedanke gemaach", seet de Moogy, "an haut maache mer eis einfach keng méi." Traureg sinn si just e bëssen doriwwer, dass si net richteg eescht geholl ginn, souguer wann si et zur Ofwiesselung mol serió mengen. "'Fort mat dir' ass e richtegt Liebeslidd", erklärt de René, "mee tëscht all deenen anere mengen d'Leit natierlech dat wär alles nëmmen Ironie". D'Ried kennt erëm op de Fausti. "Dat Schlëmmst ass", mengt de Moogy, "dass de Fausti e richteg gudde Muséker ass an et am Fong guer net néideg hätt fir Blödsinn ze maachen. Mee eis bleift näischt aaneschtes iwwereg."

### oder Agekleed

"Duerch d'Aarbecht un der CD si mer awer musikalesch vill weider komm", seet de René. Fir unzefänken hate si dem Serge Tonnar hir Lidder op e Mini-Disc opgeholl, ganz low-fi, mat der Botzfra, déi am Hannergrond mam Staubsauger gemaach huet. Den Endprodukt ass e gutt Stéck méi poléiert, dat virun allem och, well den Thierry Kinsch hannert dem Mëschpult de Lidder dee richtege Schlëff ginn huet. "Den Thierry huet direkt verstanen, ëm wat et eis gaangen ass a wéi eis Musek misst klëngen", seet de René, "Wa mer probéiert hätten, d'Gitarren all ganz propper opzehuelen an all Stëmme richteg anzesangen, da wäre mer ni fäerdeg ginn." Obwuel déi 16 Stécker am Kär einfach Folk-Lidder sinn, virun allem op d'-Gitarrspill opgebaut, ginn et an all Titel kleng Extra'en, déi fir Ofwiesslung suergen. Op et d'Plastiksperkussioun ass a "Plastik-Fabrik" oder de punkege Remake vum "Kropemann" - Plakeg oder Ugedoen produzéieren Abstruses, wat een tatsächlech e puer Mol lauschtere kann ouni dass et sech ofnotzt.

Souguer hir Eltere fannen d'Musek vu Plakeg oder Ugedoen mëttlerweil witzeg, och wann dem René seng Mamm am Ufank net esou begeeschtert war. "Mir haten eng Kéier eng Kassett mat 12 Lidder erausginn", erklärt hien, "a fir meng Mamm a meng Bomi hate mer e puer Lidder einfach iwwerspillt". Dem Moogy, alias Morgan Brian (fir Brian Jones) Meyer, säi Papp ass souguer ganz houfreg op déi méi graff Lyrik. "Heen huet fir meng éischt Bänd Texter op Englesch geschriwwen, mat zimlech krassen Undeitungen", seet de Moogy, "an ech wollt einfach nach méi schlëmm Saache schreiwe wéi hien."

Wéi et soll mat Plakeg oder Ugedoen wéidergoen, dat wëssen se nach net. De Moogy wäert säin Doktorat fäerdeg maachen an dono vläicht am Ausland schaffen. D'Musek a seng Frëndin wäre gutt Grënn fir zu Lëtzebuerg ze bleiwen, mee sécher ass näischt. Op zwee Concerte wëlle si lo mol ufänken, hir CD ënnert d'Leit ze brëngen, do no gesi si weider. Den nächste Weekend dréine se e Videoclip mam Yann Tonnar hannert der Kamera. De René huet schonn eng Iddi. "Ey, mäi Kolleg baut säin Haus ëm, an dofir huet hien zwee Presslofthummeren do, grad dëse Weekend. Domat musse mer eppes maachen!" De Moogy wénkt mam Kapp: "Jo, domat musse mer eppes maachen."

**Claudine Muno**

---

*"Abrëllsdreck" vu Plakeg oder Ugedoen ass fir 15 € ze kréien, entweder an de Plakkebuttéker oder op www.plakeg.org Plakeg oder Ugedoen spillen haut Freiden, den 1. Abrëll um 21 Auer am Infoladen an der Kulturfabrik zu Esch an de Samsten, 9. Abrëll am Sang a Klang am Kader vun enger Soirée vun de Peace Brigades.*